



ALTERNATIV DEMOKRATESCH  
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Dépôt: D. Ferrand Kartheiser  
Lëtzebuerg, den 12. November 2020

Débat sur la politique  
européenne et étrangère

4

MOTIOUN

D'Chamber,

an déiwer Suerg iwwert

- déi aggressiv tierkesch Politik an der Ägäis géint d'Nato- an EU-Memberland Griicheland esou wéi permanent Verletzung vum der territorialer Integritéit vum der Griichescher Republik;
- d'Amëschung vum der Tierkei an d'Konflikter a Libyen an an der Region Nagorny Karabach;
- d'undauernd Verletzung vum der territorialer Integritéit vum der Arabescher Republik Syrien duerch d'Tierkei;
- d'Veletzung vum der territorialer Integritéit vum der Republik Zypern an der militärescher Occupatioun vum engem groussen Deel vum hirem Staatsgebitt zënter 1974;

Fuerdert d'Regierung op:

- am Kader vum de politeschen a militäreschen Instanze vum der NATO d'Modalitéite vum der zukünftiger Zesummenaarbecht vum den Alliéierte mat der Tierkei unzeschwätzen;
- dorop hin ze wierken, datt eng Decisioun geholl gëtt, datt d'Tierkei, fir de Fall wou si duerch hir eege Verletzung vum internationale Recht a besonnesch vum der Charta vum de Vereente Natiounen sollt Zil vu militäresche Géigemoosnamen duerch aner Staaten ginn, net kann op d'Solidaritéit vum den Alliéierten no Artikel 5 vum NATO-Vertrag zielen;
- dorop hin ze wierken, datt d'Opportunitéit vum enger weiderer Bedeelegung vum der Tierkei u multilateralen Operatiounen an Exercicen iwwerpréift gëtt;
- virzeschloen, datt d'Tierkei keng Informatiounen méi aus alliéierte Quelle ka kréien, déi hir bei hiren offensiven Operatiounen géint aner Staate kéinten hëllefen.

  
Ferrand Kartheiser